Kontakt

Informatiounsblat vum Fieldgen / No 17 **Freiden, 28. Januar 2022**

AGENDA
vun der nächster Woch

				VE - 28.1.	**SA - 29.1.** **8h00 - 10h00** Noschreiw-prüfungen am Sall Raoul Follereau
LU - 31.1. **16h15** Conseil d'éducation	**MA - 1.2.**	**ME - 2.2.**	**JE - 3.2.** **8h00** Noschreiw-prüfungen **4C** Journées d'orientation	**VE - 4.2.** **4C** Journées d'orientation **14h15** **LIBRE** keng école à la carte **15h15** conseils de classe	**SA - 5.2.** **Fuesvakanz** bis den 20. Februar (inclus)

Schoulaccidenter

Wann der en Accident an der Schoul oder um Wee fir d'Schoul hat, muss der iech am Sekretariat vun der Mme Hentges an der Mme Santinho mellen.

Si këmmeren sech vun elo un ëm d'Déclaratiounen vun den Schoulaccidenter.

Aktivitéiten an der Fuesvakanz

Méindes, den 7. Februar : **Science Center**
Dënschdes, den 8. Februar : **Trëppeltour mat Hënn**
Mëttwochs, den 9. Februar : **Schlittschung fueren**
Donneschdes, den 10. Februar : **Kachen a Baken**

Méi Informatiounen an d'Aschreiwungslëscht fënns de op der Pinwand virun der Konferenz.

Portes Ouvertes au LTPES

samedi 28 janvier
de 17h à 20h

en présentiel avec Covidcheck 2+

Attention:
Les inscriptions en 2G-ED pour 2022/2023 sont doré-navant ouvertes !

Plus d'informations sur :

www.ltpes.lu

https://inscriptions.ltpes.lu/

ou chez Mme Sertznig (C271)

LTPES ZESUMMEN
LIEWEN LÉIEREN BEWIERKEN

Covid19

Ech si positiv a geimpft : Wat muss ech maachen fir mäin Isolement opzehiéwen?

Schnelltest	Resultat	Wat maachen?
5. Dag	negativ	nach ee Schnelltest de 6. Dag maachen
	positiv	nach ee Schnelltest de 6. Dag maachen
6. Dag	negativ	ech kann de 7. Dag zréck an d'Schoul kommen (ouni Symptomer)
	positiv	nach ee Schnelltest de 7. Dag an den 8. Dag maachen; wann déi 2 Tester negatif sinn, kann ech de 9. Dag zréck an d'Schoul kommen (ouni Symptomer) soss nach erëm een Schnelltest den 9. Dag maachen, bis den 10. Dag, wann et muss sinn: duerno ass d'Isolement automatesch opgehuewen

(déi genau Datumer stinn op der ordonnance d'isolement)

Opgepasst : ni ee PCR-Test maachen fir aus dem Isolement erauszekommen !

Wem mellen ech d'Resultat vun menge Schnelltester ?

Ech schécken ab dem 5. Dag eng Mail mat Foto u **covid19@epf.lu**

Wat muss ech vun Informatiounen an där Mail uginn ?

Sujet vum Mail : Schnelltest vum 5. bzw 6. Dag

1. Numm a Virnumm (dee ganzen Numm w.e.g.)
2. Klass
3. Isolement vun, bis (Datum)
4. Schnelltest vum 5. Dag oder 6. Dag : Resultat negativ/positiv
5. Wann en de 6. Dag och nach positiv ass, dann och nach d'Resultat vum Schnellltest vum 7. Dag schécken, asw.
6. Ech kommen den *Datum* (7. Dag normalerweis) erëm an d'Schoul

Eis COVID-Ekipp seet iech villmools Merci ; dat vereinfacht hier Aarbecht immens vill.

Ecole à la carte : Ukelele - Cours

D'Ukulele ass e flott Instrument fir Einsteiger. Mat nëmmen puer Akkorden kanns de schonn vill Lidder aus der Pop- a Rockzeen nospillen. D'Instrument steet dir an der Schoul zur Verfügung.

De Kuer ass Dënschdes vun 14h20-15h10.

Ummelle kënn der iech an der 1. Woch no der Fuesvakanz.

JOB SHADOW DAY 2022

Le projet « Job Shadow Day » permet aux élèves de participer activement à une journée normale de travail d'une entreprise et de recevoir ainsi d'importantes impressions de la vie professionnelle, en accompagnant le/la chef d'une entreprise tout au long d'une journée.

Qui ? Élèves à partir de 16 ans
Durée ? 1 journée
Quand ? Dans la semaine du 28/03 au 01/04
Comment ? Inscription via : https://jonk-entrepreneuren.lu/fr/event/job-shadow-day-2022/

- Rédaction d'un CV et d'une lettre de motivation précisant les secteurs ou les professions qui intéressent l'élève
- Présentation d'une lettre de soutien formulée par le/la regent(e)

Contact ? Mme Martins - helena.martins@epf.lu